ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Neue Impulse für die Fotovoltaik" deen de 5. Oktober am Tageblatt publizéiert gouf, heescht et, datt d'Regierung op den Dag vum 1. Januar réckwierkend nei Steierkreditter fir Photovoltaikanlagen erlooss huet, an deems de Fräibetrag vu 4 kWp op 10 kWP ugehuewe goufen. D'Tageblatt schreift weider, datt d'Regierung mat dëser Decisioun op den technologesche Fortschrëtt an deem genannte Beräich vun der Energieindustrie wëll reagéieren.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister elaboréiere, wéi vill de Staat an de Joren 2010 bis 2020 direkt fir Subside vu Photovoltaikanlage ausbezuelt huet? Wéi verdeelen déi Suen sech op privat Stéit, op Entreprisen an aner ëffentlech Institutiounen, zum Beispill Gemengen?
2) Ginn d'Subside just ausbezuelt fir d'Installatiounskäschten oder och fir d'Ënnerhaltskäschten ze droen?
3) Kann den Här Minister elaboréiere, wéi sech den duerchschnëttleche Wierkungsgrad vun de Photovoltaikanlage vu private Stéit an de Joren 2010 bis 2020 entwéckelt huet? Kann den Här Minister déi nämmlecht Zuele fir Anlagen, déi vu privaten Entreprisen an ëffentlechen Institutioune bedriwwe ginn, presentéieren?
4) Kann den Här Minister elaboréieren, zu wéi engem Präis déi an de Froe virdru genannten Ubidder de Stroum an d'Netz aspeise kënnen a wéi de Maartpräis an dësen Dispositioune berücksichtegt gëtt?
5) Kënnen d'Empfänger vu Subside och vun Ufank u vun deenen uewe genannte Steierkreditter profitéieren oder mussen dës fir d'éischt zeréckbezuelt ginn?
6) Ënnert wéi eng Steierdispositioune fält Stroum dee souwuel privat produzéiert wéi och verbraucht gëtt?

7) An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4789 huet den Här Minister eng ganz informativ Tabell presentéiert, déi regruppéiert, wéi sech déi eenzel Komponente vum Stroumpräis fir de Lëtzebuerger Verbraucher zesummesetzen. Deemno bezilt de Konsument 3,63 Eurocent pro kWh Stroum u Kontributioun fir erneierbar Energien. An deem Sënn géif ech den Här Minister nach gär froen, wéi eng kWh Stroum aus Photovoltaikanlagen sech ënner Berücksichtegung vu sämtleche Käschten (Installatioun, Netzënnerhalt…) am Staatsbudget néierschléit? Kéint den Här Minister Idealerweis de Vergläich vun den nämmlechte Käschte fir all kWh Stroum presentéieren, déi aus enger anerer Energieforme wéi der Photovoltaik gewonne gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten